



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5292 vum 24. November 2021 vum honorabelen Députéierten André Bauler

Ad 1):

Während de Stousszäiten kënt et op dëser Plaz reegelméisseg zu Stau. An der aktueller Bauphas vum Chantier um Friedhaff stellt d'Police folgend Iwwerhuelmanövere fest:

- d'Chaufferen iwwerhuelen riets iwwert eng Spuer, déi am Ament fir esou Manövere gespaart ass,
- d'Automobilisten iwwerhuelen op den Opfaarten respektiv op den Offaarten.

Vill Automobilisten fuere léiwer vun der B7 eroof, fir eng 400 Meter méi wäit nees eropzefueren an esou eng Partie vum Stau z'evitéieren. Dës Manövere sinn erlaabt.

Ad 2):

Et ass der Police kee rezenten Accident op dësem Tronçon bekannt, deen an Zesammenhang mam Chantier géif stoen. Trotzdem mécht d'Police sporadesch statesch a mobil Kontrollen souwäit dat méiglech ass.

D'Situatioun gëtt och suivéiert mee d'Konfiguratioun vum Site an d'Bauarbechte maache repressiv a preventiv Policekontrolle relativ schwéier a souguer geféierlech.

D'Vitesslimitatioun op 70 km/h hëlleft awer de Risk vun Accidenter op dëser Plaz ze reduzéieren.

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2021.

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX